



Schluck & Jau.

Zwe'n Hause'rer.

Schluck, de *Sômmännchen* (kent eran, de bloe Sâck mam Sôm um Reck, en decke Bèngel an der Hand.) Bonjour, dir Leit, hei sin ech erem! Et wèrd iech vill Plese'er mâchen, mech erem ze gesin, wèll ech sin dach net den e'schte Bèschten.

Jau, de *Gârmännchen* (kent iwertdém vun der aner Seit eran: decke Bèngel, bloe Sâck.) Schluck, hal dech e bösschen!

Schluck: Ah, Jau, bass d'och dau!

Jan: Dir Leit, gléft dem Schwindler neischt, sei Geséms ass hallel daf...

Schluck: (hieft de Bèngel) Pass op, Männchen, dén do ass awer net daf! Wat eng Roserei, dass ech fir t'e'scht hei war! Elo man ech meng Geschäften, dén e'schten ass vir! Dei Gar ass dach hallel Coteng. (E pâckt aus.)

Jau: Hâs du menger Woll schons?

Schluck: Et ge'f mer léd din. Iwerhapt, hal du elo stel. Wo' kann ên awer mat Gar résen? Nie kritt ê mech eso' weit! Mais Geséms, ah oui, do ass dach Liewen dran. Eh bien, dir Leit, wann der mir elo wöllt nolauschtern (zum Jau) an du Jau, hal du de Mond och elo, wanns de schons èppes besser wêss, dann hal ower stel. — Eh bien, dir Leit, we' ech nach am Frankreich war...

Jau: Zo' Koplescht.

Schluck: Nên, ech war hannert Pareis an enger gro'sser Gärtneri, wo' mer d'Geséms gezillt hun.

Jau: We' kann awer ê Geséms zillen: Karnéngercher, Pohunnen a Fluosfänkercher kann ên zillen, mais Geséms! — —

Schluck: Du huos eng Nuos we' e Fluosfänkeichen. Wanns de neischt vun der Zillerei verstêhs, dann hal d'Fangeren ewèg an de Mond zo'. Eh bien, dir Leit, ech war zeng Jahr an enger barbaresch gro'sser Gärtneri, an ech kann iech soen, du sin der Kërcher vill mer durech d'Hänn gerullt.

Jau: Hondskärchen?

Schluck: Ma du brauchst dat net eso' éfâlleg domm ze soen, we' wanns du dem Rotschild sei Nevi wärs. Wat mir hannert Pareis gezillt hun, dat gléft kê Mensch.

Jau: Hât der da këng Mauloffen? An enger Gärtneri — — —

Schluck: Maulafen hätte mer gehat, wanns du zo' enger Dosen do gewiescht wirs. 'T ass jo wo'er. Mat eso' enger Zort darf ên net klépeg emgoen, dann halen se de Mond. Eh bien, dir Leit, lösse mer mat der Zalot ufänken! We' ass et dann, Madämchen, Jöfferchen, Giedelchen, Mimchen? —

Jau: Dat kann ech och! Ech pâcken och aus.

Schluck: Jau, lôss dei Krôm dobannen, ech soen der et. Ech wâr schons lâng fêrdeg o'hne' dech Huosebândel. Ech war dén e'schten hei, an ech verkafen dén e'schten.

Jau: Dajé, mâch ass dat Onkraut vun hannert Pareis awer geschwön gese't ass.

Schluck: Hei ass Erfurter Sôm, Petter. Gelt do hâs du de Bauch nach net we'h.

Jau: Ah, Schluckchen, du wars och zo Erfurt. Do iéssen se d'Wurzele mat de Forschette, we'?

Schluck: An d'Rollmopse mat Cornischongen! Huos du eng Ahnong vun Erfurt! Do get d'Geséms gezillt fir d'halef Welt.

Jau: Ah! Fir d'Fluosfänkercher och?

Schluck: Ma nawell grad. Kuck, ech hun e Muster Fluosfänkerchessôm.

Jau: Fluosfänkerchessôm och?

Schluck: Sôm fir d'Fluosfänkercher, Pilo do . . . Prima! Prima!

Jau: We' ass et mat der Zalot?

Schluck: Ha, am Enn kriss de dach Spâss mat der Affär, ech bien, sét de Franso's — do hu mer par exemple de Maikönig.

Jau: (sengt) Nachtigall, Nachtigall wie sangst du so schön! —

Schluck: Geseis du se kommen?

Jau: Nê Schluckchen, wanns du vum Mai erziels, vum holde Monat Mai, da kent d'Wâsser mer an de Mond! —

Schluck: Do hu mer et jo! O, Jau, wat bass du e patente Kêrel! Gelt, Zalot ass dach èppes zärtleches! Am Enn kéfs du mer nach eng Dose Päck of.

Jau: Herrgott, ste' engem bei! —

Schluck: An hei hu mer den Troztköpfchen!

Jau: Huos du de' gezillt?

Schluck: Ech sin net me' Troztkapp we's du, Biesemstil! Mat Leit de' nach net eraus waren, soll ên awer net diskute'ren. — Batavia — dir Herrschaften.

Jau: Do hat ech e Mononk, dén huot mat Pölle gehandelt.

Schluck: Hei ass Zalotesôm Batavia. So'es hat dei Mononk nach kên ennert de Fangeren, vun dém kent de Steps alt erem, an dat get Héder we' Zoppekömp.

Jau: Oder Bauchbitten! —

Schluck: Ech muss me' verstänneg sin, soss komme mer net virun. Romaines — Ande'wen — Meise'ercher.

Jau: Gin de' och gezillt?

Schluck: Chikri —

Jau: Ech hun de Kaffi le'wer.

Schluck: Betteraves.

Jau: Mei Gott, mer sin dach keng Ke'! —

Schluck: Cresson —

Jau: Hannert Pareis.

Schluck: Kuck, Jau, wann ech kê Kannerfrend wär, da misst ech mech vergiessen.

Jau: Ech net, fuhr virun! —

Schluck: Dir musst dach soen, ech hun e sche'nt Assortiment vun Zalotesôm — deck Päck fir e Frängelchen. Wann ê mer d'Mettegiesse ge'f, kriet en alt e Päck fir neischt.

Jau: So' kann ê belleg un e Steck Hâm kommen!

Schluck: Ke'lsôm, dir Leit —

Jau: Gef de Leiden d'Hâm an de Jud, de Kabes zillen se sech sëlwer.

Schluck: Choufleur —

Jau: We' deck gin de' Käpp dann?

Schluck: Hannert Pareis hate mir der vum halwen Zenner.

Jau: Wat? Kalver oder Hämme?

Schluck: Nê, Choufleurskäpp! — Natirlech wann et e Kuorf voll war! — Nun hal de Mond erem — wèll wat Brocklie sin, dat kenns du jo dach net. Spatzen a ronne Kabes, ro'den a weissen, alt gekrauselegten Savuoer — hä, lo begreifs du dach bal, dass e Sômhändler a Gärtner áner Studie gemat huot we' eso en Sayetteskre'mer.

Jau: Kabes! Lauter Kabes!

Schluck: Wurzelen, dir Leit! Klènger, lãnger, zeitlech, spe'der.

Jau: Mat Randflêsch a Mirre'deg.

Schluck: Ech hat schons me' Mirre'deg ennert de Fangeren we's du schwe'er bass.

Jau: Wat leit mir drun! Jong, wann ech mein Zug verféhlen, da kriss de Mirre'deg heimat. (Bèngel.)

Schluck: Ha, Re'decher! — Re'decher! Dèr musst der se'en!

Jau: Gef mir alt e puor Dose Päck, dat ge'f Fudder vir Karnengercher!

Schluck: Re'decher mat Karnengercher fiddern! Jau! Jau! Dat ge'f jo Prisong! Huos de schons Re'decher giess?

Jau: An der Zopp!

Schluck: Herrgott! Re'decher an der Zopp! Da kent ên och Spinat aus dir mâchen! So' eng Delicatesse we' Re'decher kennt dé net! Ma ge' dach net bei d'Leit, wanns de kèng Re'decher kenns. — Pe'terse'leg, dir Leit.

Jau: St. Pe'trus, sét ên!

Schluck: Nèn Efalt, sét ên! Fir d'Hâm ze garne'ren, fir bei de Jud an de' deck Bo'nen. Ja, Bo'nen, dir Leit, Stäckerches a Stâchen.

Jau: Wuossen d'Stâchen och mat?

Schluck: Lôsst e schwètzen. Mir handelen a vum Bèschten dat Bèscht. — Erzen, den Telefon.

Jau: Ge' doran, do ass den Apparat.

Schluck: Schwob, de' Zort hei hèscht Telefon — wuofir, dat kann *dir* net âlichten.

Jau: Nèn!

Schluck: Obé, ech soen der et och net.

Jau: Hä, e wèss et sèlwer net!

Schluck: A wann ech et och net wèss, da wèss ech emmer nach eso'vill we's du! — Iwerhapt: Wofir hèscht de' Bo'n hei dann: Gloire St. André?

Jau: Dat ass franse'sch!

Schluck: Ha! Hun ech dech elo?

Jau: Jong, päck mech awer net un!

Schluck: Kèng Bàng! Obé ech soen der et: Den hl. André huot de' so' gèr giess.

Jau: Mèngst du?

Schluck: Anescht kann et net sin.

Jau: Dajé alt.

Schluck: Elo muss et se'er goen: Döll?

Jau: Dén ech net wöll!

Schluck: Cornischongen!

Jau: Duschtreg Jungen!

Schluck: Bo'nekräckchen.

Jau: Sche'nen Dräckchen.

Schluck: Donnerknippchen, et schwätzt jo kê mat dir, ech handele mat déne Leiden *do!*

Jau: Bong!

Schluck: Ha, Joffer, Blumesôm!

Jau: (sengt) Sah ein Knab ein Röslein stehn! — —

Schluck: Elo kommen s'erem. Vergissmeinnichten.

Jau: We' hêrzeg, a wie soll dech vergiessen?

Schluck: Penséen.

Jau: Oh, ech hun eso' we'h am Leif! Ooo!

Schluck: A wat ass da geschitt?

Jau: O wann ech dei Bârt bekucken an un de' Blumen denken, da kre'en ech Coliquen.

Schluck: Elo ass et dés Kome'di nun awer grad genug! — Dat war nun deng gre'sst Frechhêt. Dir Leit allegurt, entschöllegt mech, ech muss fresch Loft kre'en, soss falen ech. Scheckt mer êr Bestellungen an. — Jau, mir bege'nen ons nach.

Jau: Jé, jé, dat war net eso' gemènkt, de Bauchwe'h ass fort! — —
Dir Leit, wann der eng Ke'er ên huot dén iech op de Mô gêht, an der wärt senger gèr lass, da sot, e wär èllen, da wèrd der emol gesin we' e lêft. Ech mâche mech och un, soss kent d'Reih u mech. Eddi, bis d'Fuosend, oder soss e rénegen Dâg!

